

Nationale Gedenktag vun den Zwangsrekrutierten

30. August 2019 - Lampersbierg

Här Chamberpräsident,

Här Éierstaatsminister,

Dir Häre Ministeren,

Madame an dir Hären Deputierten,

chers représentants du Corps diplomatique accrédités à Luxembourg,

Här Chef d'État-major vun der Lëtzebuenger Arméi,

Madame Vertriederin vum Generaldirekter vun der Polizei,

Dir Vertrieder vun der Stad Lëtzebuerg,

Här Generalvikar als Vertrieder vum Äerzbëschof,

Här Präsident vun der „Fondation du Memorial“

Dir Häre Vizepräsidenten Albert Hansen a Laurent Moyse a Membere vum CM2GM,

Här Regierungskonseiller Jean-Claude Muller vum Staatsministère,

léif Vertrieder vun de Sektioenen an Amicalen „Ons Jongen“

Dir léif Leit alleguerten,

Fir d'éischt soen ech Iech villmools Merci, dass dir eis Invitatioun ugeholl hutt, fir haut um nationale Gedenktag vun den Zwangsrekrutierte derbäi ze sinn.

Mir hunn äis hei versammelt, fir un dat schlëmmste Verbriechechen z'erënnere, dat am Zweete Weltkrich un der Lëtzebuenger Jugend begaange gouf. Nodeems Nazi-Däitschland, 22 Joer nom 1. Weltkrich, wou dat och schons geschitt war, den 10. Mee 1940 dat neutralt Lëtzebuerg géint all Regele vum internationale Völkerrecht iwwerfall hat, huet haut op den Dag, dat heescht den 30. August 1942, de Gauleiter Gustav Simon an den alen Ausstellungshalen am Gebai hei hannendrun am Kader vun enger grousser NS-Propagandaveranstaltung d'Zwangsrekrutierung vun de Lëtzebuenger Jonge vun de Gebuertsjoergäng 1920 – 1924 an d'Wehrmacht dekreteiert. Schons den 18. Oktober 1942 sinn an enger Aktioun, déi vun der Hollerecher Gare aus fortgoung, déi éischt Lëtzebuenger -dorënnen och mäin eegene Papp als jonke Mënsch vun 22 Joer- agezun a mam Zuch a Richtung Däitschland deportéiert ginn. Do goufen si fir d'éischt am Reichsarbeitsdienst (RAD) mat der Nazi-Ideologie konfrontéiert, éier sie duerno an déi verhaasste Wehrmachtsuniform gezwonge si ginn.

Et huet sech 1940 séier gewisen, dass d'Naziën mat der Okkupatioun vun eisem Land d'Enn vun der Lëtzebuenger Onofhängegkeet, deeër hire Centenaire nach 1939 grouss gefeiert gouf, ofschafe wollten. Schons am Juli-August 1940 ass de Grand-Duché nämlech enger direkter däitscher Zivilverwaltung ënnerstellt ginn. Déi huet systematesch Moossnahmen ergraff, déi op eng De-facto-Annexioun vu Lëtzebuerg an dat „Groussdäitsch Räich“ an op d'Germaniséierung vun der Lëtzebuenger Populatioun erausgelaf sinn. Sou sinn zum Beispill all Lëtzebuenger Staatsstrukturen ofgeschafft an d'franséisch Sprooch verbuede ginn. Och wa mat grousser Propagandaopwand versicht ginn ass, d'Lëtzebuenger fir den Naziregime ze gewinnen, sou sinn dës Beméiungen op ëmmer méi grouss Feindséilegkeete bei der Populatioun gestouss. Eng éischt defteg ëm d'Ouere kruten d'Nazistrategen, wéi sie den 10. Oktober 1941 eng Volkszählung -sie gouf „Personenstandserhebung“ genannt- duerchgefouert hunn. Op déi dräi entscheidend Froen iwwert d'Nationalitéit, d'Mammesprooch an d'Vollekszougheieregkeet hunn

d'Lëtzebuenger nämlech mat „Lëtzebuergesch“ geäntwert. Dës Äntwerten ware jiddefalls de kloeren Ausdrock vum Widderstand géint déi däitsch Assimiliatiounsbestriewungen.

Dat huet den Nazi-Okkupant awer net dovunner ofgehalen, fir den 30. August 1942 d'Wehrpflicht fir déi jonk Lëtzebuenger vun de Joergäng 1920-1924 ze proklaméieren. Dësen Akt huet zu enger grousser Resistenzaktioun gefouert, andeems et direkt de Dag duerno, also den 31. August 1942, a bal allen Deeler vum Land zu Streike komm ass. D'Naziën hunn doropshin Standrecht verhaangen an 21 Leit, déi um Streik bedeelegt waren, hirrichte gelooss. Muer Samschdeg denke mir an der Märtyrerstad Woltz un dës Streikaffer vu virun 77 Joer.

D'Zwangsrekrutéierung huet de gréisste Blutzoll gefuerdert, well vun den 13.825 Lëtzebuenger, déi an d'Wehrmacht zwangsrekrutéiert goufen, sinn der 2.906 gefall resp. als vermësst gemellt ginn. Vun deenen 3.510 Männer, déi sech geweigert hunn, fir d'Wehrmachtuniform unzedoen, sinn der 582 am Maquis ënnergedaucht resp. an auslännesch Arméien agetrueden. 57 vun hinne sinn ëm d'Liewe komm. Op de Widderstand am Lëtzebuenger Land huet den Nazi-Regime mat Terror reagéiert, an zwar mat Deportatiounen an Osteuropa, Internéierungen a Kzer – virun allem op Hinzert- a net zulescht och mat brutalen Exekutiounen. Zu Hinzert ass iwwregens de nächste 21. September an der Gedenkstätte vum SS-Sonderlager eng grouss international Gedenkzeremonie a Präsenz vum Grand-Duc Henri a vun de Ministerpräsidenten Xavier Bettel a Malu Dreyer.

Wann ee vun Zwangsrekrutéierte schwätzt, därf een net vergiessen, dass 3.614 jonk Lëtzebuenger Fraen an de Reichsarbeitsdienst (RAD) an duerno deelweis an de Kriegshilfsdienst (KHD) an Däitschland gezwonge goufen. Ënnert hinne war iwwregens Madame Maisy Ginter-Bonichaux (95 Joer), déi haut bei dëser Gedenkzeremonie derbäi ass. 58 vun dëse Fraen sinn an der Friemt -virun allem bei Bombardementergestuerwen. Als Erënnerung un all RAD-Fraen gëtt demnächst an der Gare vu Lëtzebuerg eng Gedenkplaquette ageweit. De Premierminister Xavier Bettel huet dëser Deeg säin Accord fir dës Initiativ vun der Zwangsrekrutéiertefederatioun a vum „Comité pour la mémoire de la Deuxième Guerre mondiale“ ginn.

Déi tragesch Bilanz vum Zweete Weltkrich zu Lëtzebuerg, deen zur gréisster Prüfung an der Geschicht vum relativ jonke Grand-Duché gi war, ass déi, dass eist Land mat 8.171 Doudeger am Verglach mat senger Gesamtpopulatioun vun deemols 296.776 Leit e Prozentsaz vun 2,8% opweist. Domatter leie mir am der Statistik no Polen (16,5%), der Sowjetunioun (10%) an Däitschland (7,7%) op der véierter Plaz vun allen europäesche Länner.

Stoung meng Ried vun haut fir de nationale Gedenktag vun den Zwangsrekrutéierten haaptsächlech am Zeeche vun der respektvoller Erënnerung, sou wëll ech se awer och als eng Mahnung verstane wëssen. Dat well 75 Joer no Krichesenn leider Nationalismus a Rassismus nees zimmlech staark opkommen. Dëser Entwécklung musse mir alleguerte méi wéi je mat Courage an Engagement entgéintrieden a net nëmmen d'Fauscht an der Täsche maachen!

Ofschléissend wëll ech awer och der Militärmusek Merci soen, déi trotz hirem Kollektivurlaub bereet war, fir de musekaleschen Encadrement vun dëser Gedenkzeremonie ze besuergen.

Iech alleguerte villmools Merci fir Är Opmierksamkeet.

*Josy Lorent*

*Vizepräsident vun der „Fédération des Enrôlés de Force, Victimes du nazisme“*

*Präsident vum „Comité pour la mémoire de la Deuxième Guerre mondiale“*